

Eis Sprooch deemools (6) vum Lex Roth

Fir d'Weidergoe vum 'Historik' vun eiser ACTIOUN-LËTZEBUERGESCH sinn äis am Juni an am Juli zwou wichteg Geleeënheeten an d'KLACK geroden, déi mir net wollte verpassen : Iwwerleeungen, fir d'KLACK N° 150 e bëssen erausstellen; dann en etlech Gedanken iwwer d'Wiele vun deer neier Chamber.



Et guff jo hei zimlech dacks an däitlech geschriwwen, datt **fir eis Sprooch 'bei de Leit' esou gutt wéi näischt virun 1971** bestan huet, dem Grëndungsjoer vun eiser A.-L. An dësem Sënn bluf wierklech praktesch (an hei passt dësen Ausdruck) alles ze maachen ! Am Sënn vum Sprooch: *Es gibt viel zu tun, packen wir's an ! Am Französische wier dat : Il y a du pain sur... d'innombrables planches !*

Mä wéi huet et an deer 'Bakes' ausgesinn: En eidele Raum; keng Mull; kee Miel; keen Uewen; keng Kuerbel a keng Broutschéiss; kee Léierbouf; kee Gesell a kee Meeschter!

Dat hat ower och vill Virdeeler. Nieft all de wéischten, d'meescht bëllege **Viruertele** vu 'Konservatismus, Fanatismus, Purismus, a wat et deer topeger 'ismen/ isten' nach esou doruechter gëtt! Mir konnten äis déi Gebitter eraussichen, wou eis Sprooch wierklech inexistent war, oder wou se déif an de Labberänte long. Natierlech war d'Schoul, datt Feld, wou am éischten huet d'ärfen a misse geplout, gëéigt a geséint ginn... well d'Schoulgestz vum 10. August 1912 an d'Reglementer vun nom Krich jo nach ëmmer a Kraaft waren. Mä...

Eis Sprooch war an der Schoul just eng 'Geeschterzeil' op der Zensür: langue et littérature luxembourgeoises. En aremséilege Witz! Deem hunn dann d'Ministre Jean Dupong a Robert Krieps, duerno den Här Fernand Boden, no eisem 'Gegëmmers' (op d'mannst deelweis) opgehollé. Et war net, fir sech mat deem éischte Primärschoulsbuch ('Lëtzebuergesch an der Schoul') ze bretzen, dat am Ufank dobäi erauskomm ass... mä, wéi soen d'Leit: alt emol besser wéi näischt. Heiriwwer konnt dir jo ewell an de KLACKen 149/150 eng Nues voll matkréien.

Am Kolléisch (Secondaire) stong eis Sprooch nach ëmmer brav um Programm vun der Septième; dir d'ärfst laachen... oui Buch! Dat Eenzezt, wat et ginn ass, sinn e puer Gedichter am **'Brunnen 1'** gewiescht, wat mir dem Professor Nic. Hein an sengem Eedem, dem Professor Joseph Groben ze verdanken haten... leider war et och grad de Kotteng fir en Däitsch-Professor mat enger Schnuff géint eis Sprooch: deen huet an senger Stonn fir Lëtzebuergesch dann am selwechte Buch d'meescht Däitsch weider gemaach... Schilda !

De Robert Krieps huet dunn, alt erëm op d'Dirängele vun der AL, eng Commissioun zesummegeallt, déi **1978 fir de 'Postprimaire' eng 'provisoiresch' Editioun mat Lëtzeburger TEXTER** gemaach huet. Natierlech si mir mat bei deene 'bestallte' Leit gewiescht; de Professor Jul Christophory hat d'Steierad dovun; eng zerguttstert Aarbecht an eng sympathesch Kollegialitéit! Ëm 1980 huet de Minister Fernand Boden de Start fir eng **éischt definitiv Editioun vu 'Lëtzeburger TEXTER'** ginn, déi och an hiren nächsten Editiounen duerch dat flott Titelbild vum Roger Manderscheid, aus der Geschicht vun eiser Sprooch an der Schoul, net méi ewechzededenken ass. Mir haten also hei dat erreecht, wat mir äis versprach haten; wéi et weidergong a -geet, dat steet op anere Blieder. Ower et ass duerch äis op d' Been komm... dat gehéiert zu deene ville klenge Fändelcher, déi d'Actioun-Lëtzebuergesch sech bei hir Verdéngschter d'ärf stiechen ! ■ L.R.

Ceterum censeo... (33)

Dir Dammen an Hären Deputéierten ! Léif Ministeschen a Ministeren ! Respektéiert Membre vun eisem Staatsrot !

An den nächste Wochen a Méint huet Dir erëm mat de **Changementer an eiser Constitutioun** ze dinn. Mir wëssen, datt an der Propositioun vun der vireschter Spezialcommissioun eis Sprooch **endlech emol wéinstens ernimmt** gëtt. Dat ass ewell en ongeheiere Fortschrëtt, fir dee mir och éierlech merci soen.

Leider steet an deem Virschlag **ower (nach) net däitlech a kategoresch, datt d'Lëtzebuergesch d'Sprooch vun eisem Land ass.** Dat huet absolutt näischt mat iergendenger Animositéit géint d'Franséisch oder dat Däitsch am offizielle Gebrauch vun administrativen oder juristeschen Texter ze dinn; och mir si schléisslech houfreg op eis Sproochsituatioun. Et ass ower eng Fro vu souverainem Prinzip, datt d'Lëtzebuergesch däitlech vir steet an och als **'la langue du Grand-Duché de Luxembourg'** erausgehewe gëtt. ■ L.R.

e bëssen 'EISES'...

Huet dir iech ewell iwwerluecht, datt eis Sprooch hir ganz eegen **Ausdréck fir all Zort vu Geräischer** huet ? Da probéiert emol, dës Wieder an d'Däitsch oder Franséisch ze iwwersetzen: *knuppen – jipsen – tuppen – soueren – schrëipsen – knätschen – poufen – dubberen – dimmeren – klaken* ... dir fannt der ganz bestëmmt nach dobäi.

En zimlech lëschtigen, mä **typeschen Ausdréck ass 'strutzen'**; bedenkt emol, wat alles 'strutze' kann; wéi ass et mat der 'Strutz' fir ze garnéieren oder fir d'Waasser vir op engem Schlauch ze regléieren... a wéi soe mir dacks fir eng kleng léif Modi oder e Männi: eng 'Strutz / e Strutzer' ... vläicht alles net wichteg... ower interessant a lëschtig ! ■ H.M.

Äddi Fernand LORANG, äddi René KARTHEISER !

An de leschte Wochen hu mir zwéi Frënn verluer, vrun deenen d'Actioun-Lëtzebuergesch sech mat engem grouse Merci vernäipt... mir sinn och houfreg drop, datt all eis Zeitungen déi Auszeechnung ernimmt hunn, déi eise Comité hinnen an der Zäit fir hir grouss Verdéngschter ginn huet. Jiddefall hunn si emol, w.e.g., allen zwéin eng Strooss an hirer Gemeng verdéngt... also zu Rëmeleng an zu Conter !

Fernand (eelste vun deenen Zwéin an 'Enrôle de force'), Dir verdanke mir d'Resultat vun enger 'Seejomëssenaarbecht' beim Opsichen, Glannen, Sammelen a Verwäerte vun eiser Sprooch am Minett a bei de 'klenge Leit'; do wou si am mannste séier verduerwen ass. Deng Hellewull Artikelen an der 'Warte', Deng Bicher-Serie 'aus aler Zäit' sinn eng Goldgruof, wéi een se an deem Sënn nëmme ka mat engem anere Rëmelenger, dem Nic. Plettschette senger Leeschtung vergläichen. Wien sech als Wëssenschaftler oder Amateur zerguttst mam Lëtzebuergesch wëllt ofginn, dee kann ni laanscht de Fernand Lorang kommen.

René, Du wars vun Ufank u bei eiser Suerg an Aarbecht fir dat geschriwwent Lëtzebuergesch eng Zort 'Pâtissier, Confiseur, Chocolatier' vum Allerfeinsten; Dir hu mir kleng Sprooch-Däbëssen ëm 1970 immens vill fir d'Qualitéit a besonnesch fir eise Courage bis haut ze verdanken. Wat ware mir dach frou an houfreg, dass Du eisem Veräin Däi 'RICK' spontan fir den Drock gestallt hues: praktesch den éischte Prosa-Klassiker am Lëtzebuergesch; en immense Succès an de Schoulen... a bis bei d'Iwwesetzung a Russland! Deng Kannerbicher an Deng 'Féngerches-Gedichter' bleiwe Goldstécker an eiser Literatur... ee Gléck hues Du Denger Duechter Josiane en déckt Stéck Talent a Begeeschterung fir d'geschriwwent Lëtzebuergesch matginn !

Dës dichteg Männer a Schafferte kommen net an de Vergiess, soulaang eis Sprooch wibbelt.

Här Léopold E. Wagner,

Dir huet äis am Ufank vum Joer drop gestouss, **datt dat Wuert an eise Begrëff 'eidel'** net onbedéngt exklusiv Lëtzebuergesch ass, mä och am Englesche besteet. Dat huet Dir ower op eng Fassong gemaach, déi een an hirer 'Akribie' nëmme bewonnere kann, an zwar mat de beschte Mëttele vu wëssenschaftlecher Literatur. Wou Dir Recht huet, huet Dir Recht; nëmme den Topert verdréit deem anere Mënsch säi Recht net. Dir sot, datt et dat englescht 'idle' dem Sënn no am Shakespeare senger Sprooch gëtt, ower éischter an 'onmaterieller' Bedeitung. Eng 'idle bottle' gëtt et deemno net, do ass 'empty' dat normaalt Wuert. Villmools merci fir Är flott an interessant Korrespondenz !

Mir bieden Iech, eis zimlech flappeg Verspéidung ze ëntschëllegen... de 'Mail' war bei äis 'verrutscht', an ass wierklech duerch en Zoufall erëm beim 'Raumen' op de Schierm komm. Mä wéi soen d'Leit: Besser spéit ewéi ni.

Hei dann nach déi wierklech ganz interessant typesch lëtzebuergesch Ausdréck, déi Dir äis esou sympathesch matgeschéckt huet: **puddelen... e Bless... eng Flätsch... e Stura(x)... eng Miederchen.** Bingo !!! a merci ! ■ A.L.

Mir (an dir !) um INTERNET

Wat dir **bis elo** vun der Actioun-Lëtzebuergesch um Internet fonnt huet, dat war wierklech 'Aarmutt looss mer Rou'! Mir kënnen net méi, wéi äis fir dat Gewull, fir deen elektronische Kuddel-muddel ze ëntschëllegen. Do stong egal wat, dat och nach falsch geschriwwen... an eng Gussmamm hätt hir Fierkele bestëmmt ni erëmfonnt. Et war gutt **gemengt** ginn, net zerguttst **geduecht** an iwwerluecht... a wie mengt, dee weess näischt! *'Point, à la ligne'*, seet de Fransous. Dat gëtt dann elo anescht. A wéi !

An den nächste Woche kritt dir dann **den neie 'Site' vun eiser Actioun absolutt professionnell** opgemaach; licht ze fannen a kloer am Opbau, z.B. och op d'mannst déi lescht 50 KLACKen alleguer, wa méiglech esouguer vun der Nummer 50 un; rofluede ka jiddereen... *'downloade'* muss net sinn. Eis Publikatiounen wäerten am Handëmdréies ze fanne sinn. Natierlech kann och jidderree **mat äis 'jadderen'** (chatten ?), **Froe stellen, Meenungen zumbeschte ginn asw.**

An der KLACK 154 kritt dir deen neie 'Site' da méi däitlech virgestallt. Mir freeën äis drop, an dësem Sënn 'mat der Welt virun ze goen' an hoffen op ärt Matmaachen. ■ A.L.

hie 'wëll' oder 'wëllt' ?

Am Franséischen ass 'bei de Verben' ewell ganz vill gemaach, wann ee behält, datt egal watfir e Verb och egal a watfir enger Zäit an der 2. Persoun 'hannen' en 'S' kritt (an deer 3. ni !).

Am Lëtzebuergesch hu mir 'dees' och: **bei jidfer Verb an deer 2. Persoun ëmmer en 'S' als 'Endung'...** mä do gëtt et nach eppes weider, an zwar huet jidfer Verb **an deer 3. Persoun um Enn en 'T'...ëmmer!** Do gëtt et näischt ze fréckelen, an oui deen 'T' ass et ganz einfach falsch! Et ass also dolaanscht, wann een sech drunhält mat 'hie wëll'. Hei ënnerscheede mir äis kloer vum Däitschen, wou deen 'T' guer net esou kategoresch ass. Also: hie wëllT, well mir soe jo och net 'hien trëll- fëll-hël... ■ H.M.